adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

PEFFERKÄR
GEMENG Wëntger

Eng Publikatioun van der adr Sektioun « Geméng Wëntger“ Oktober 2011

ADR Wahlprogramm 2011

Der ADR Wëntger hir Iddien a Virschléi an énger kloerer Sprooch.

Virwuert

ENGELEN Jeff
Tratten
58 Joer
Geméngerot

Nodeems d'ADR hiren nationalen Geméngenwahl-programm, deen mat allen ADR Geméngenvertrieter aus dem Land ausgeschafft gouf, Iech ewell virgestallt hatt, wëllen mer Eech elo hei eis Iddiien a Virschléi fer eis Geméng Wëntger virstellen.

All politischt Team baut op d'Leestungen van séngen Virgänger ob. Näist ass den Verdingst van éngem eenzelnen oder énger Équipe. Jiddfereen gëtt sein Best, jee no Wassen a Kannen, der Zäit an den finanziellen Mëttelen agepasst. Är Wëntger ADR Équipe hatt sech op 8 Haaptpunkten konzentréiert déi mer wëllen ëmsetzen oder Akzenter setzen.

Eis virrangigt Ziil ass et fer den Responsablen an eiser Geméng o weiderhin kannen op d'Fanger ze kucken an do ewou et néidig ass eis Iddiien zum Virschlag ze bréngen. Esou hatt d'ADR dëst an den vergangen Joeren gemaat an mat ärer Hëllef géiwen mer dat o gären vira man. Et ass jo awer o kloer, wann dat vam Wieler gewënscht ass, datt mer o bereed sënn Responsabilitéit ze iwerhuelen. D'ADR Walresultater an den lesten Joerzingten an eiser Geméng hann dësen Wonsch jo schonns méi daks zum Ausdrock bracht.

<< eng kloer Sprooch
och an dénger Gemeng!

Lëst 5

1.) Infrastrukturen

Mee o aus der Oppositioun eraus kann een villes bewierken. Esou haten mer ënner anerem am Walprogramm van 2005 geschriwen: „*notwendige Infrastrukturen werden vernachlässigt, in den nächsten Jahren gilt es Rückstände so weit wie möglich aufzuholen .....: Das Nötigste geht vor. Nach dieser Devise werden dann zukünftig nicht mehr Dörfer wie Allerborn, Lentzweiler und Sassel im Straßenbau vergessen werden*“. Erfreelicherweis sënn d'Dierfer Lentzweiler, Kréindel an Sassel am Strossenbau renovéiert ginn, mee Allerbueren bleiwt na ze man. Doriwer eraus sënn awer o na aner Strossen an eiser Geméng an engem schlechten Zoustand ewéi zu Wëntger um Knupp, Diénjen Juddegass, Hannerhassel asw. an no eiser Devis: dat néidigst geet vir, wëllen mer onst méiglichst man fer dat dëst o Réalitéit gëtt.

Do derbäi sënn mer o der Meenung, dat et elo an der Zäit ass, dat all Strooss an den nächsten 6 Joer misst een Trottoir hann siew et zu énger oder anerer Säit, dëst obgebaut no Sëcherheetskritären a wann méiglich rollstullkonform. Bei all Bushäischen misst een Zebrastreifen kommen, deen o misst extra beliicht ginn an den Zougang muss o rollstullgerecht sënn.

PLEGER Claude
Asselburren
45 Joer
Arbichter

Eng kloer Sprooch zu Wëntger mat der ADR.

2.) Geméngenfinanzen

Well jo an eiser Geméng 2 Projets van grousser Wichtigkeet an der Réalisatioun sën an zwar den Ausbau vam Wëntger Schoulzentrum an den Bau van den Kläranlagen gëllt et eis Finanzen am Au ze behalen. Dësen 2 Projets haten mer an eisem 2005 ADR Walprogramm eis Prioritéit ginn an dëst wëllen mer fer déi nächst Period esou beibehalen.

Et ass jo gewosst, dat niewend der Réalisatioun van dësen 2 Projets, o na muss den Folgekästen Rechnung gedroen ginn. Dohir waren mer der Meenung bei den lesten Walen, datt misst een Gesamtfinanzéierungsplang op Joeren gekuckt obgestallt ginn, leider kruten mer fer dëst an onsen Auen batter noutwendigt Instrument keen Gehéier.

An dësem Kontext muss een folgendem Rechnung droen: d'Haapteinnahmenquell van énger Geméng sënn d'Gewerbesteier an d'Dotatioun van staatlicher Seit, déi jo bekanntlich am Geméngenbudget van 2011 ronn 77% ausman. Hei eroper han mer keen Afloss, an déi no éngem Schlëssel op **gesetzlicher Basis** seitens dem Ministär verdeelt ginn. De Moment sënn mer hei na an énger gudder Situatioun a keen an der Regierung, trotz sougenannter Finanzspezialisten, wees, wéi dat sech an den nächsten Joeren viran entwéckelt. Da

SCHWEIGEN
Christiane
Deewelt
31 Joer
Steierbeamtin

SCHRONEN Patricia
Houfelt
19 Joer
Studentin

ginn Sparmossnahmen an d'Welt gesaat an dann schéissen d'Regierungspartner sech permanent ënnereen an d'Hakken, ewou dann van deenen sougenannten dringenden Spaarmossnahmen eng ganz Rei, eng no däer anerer erëm falen geloss ginn. Do derbäi muss een wassen, dat d'Regierung am Joer 2010 bei den Betrieber den Décompte gemach hat van 3 Joer an zwar 2006, 2007 an 2008, wat na do derbäi gudd Joeren waren. De Retard bei der Steierandreiwung bei den Betrieber ass geschwënn obgeschafft an fer déi Joeren duerno wärd et wuel méi enk ginn, well et manner gudd Joeren sën an do derbäi sënn d'Reserven gréisstendeels agedriwen. Van den sougenannten Verdeelungsgelder (Dotatioun an Gewerbesteier) seitens dem Staat an d'Geméngen sën d'Auswierkungen van der Kris, déi na nik eriwer ass, na nik akommen. Et muss een wassen dat Lëtzebuerg wuel, eréi o déi aner Länner, d'Banken gerett hatt, awer d'Bierger därfen elo fleissig dës Scholden afdroen. De Moment ginn mer als Land méi aus eréi mer era kréien. Dat geet nik riit aus.

Awer ouni Schwaarzmolerei ze bedreiwen, eréi gesäit eis Zukunft an deem Bereich aus? Hei emol zur Informatioun déi wichtigst Schlëesselzalen aus den Geméngenbudgets van de Joeren 2005, 2006 an 2011:

Ordinäre Budget

Gesamteinnahmen dovan:

	↓	Dotatioun	Gewerbesteier:
2005:	9 805 400 €	5 949 000 €	2 021 500 €
2006:	11 028 279 €	5 950 000 €	2 625 000 €
2011:	14 815 129 €	8 581 000 €	2 854 000 €

Aus all dësen Iwerleeëungen eraus, wär et an den Auen van der ADR wichtig gewiescht wann mer een **Finanzéierungsplang** hätten ewou een dann mat all Korrektur an Einnahmen resp. Ausgaben direkt déi entspreechend Auswierkungen gesinn hätt, eréi dat sech op d'Gemengenfinanzen iwert d'Joeren eraus auswierkt. An dëser Phase kann een nik nëmmen kucken van Budget zu Budget, mee et muss een et am Gesamtkontext kucken iwer Joeren. O wees na nik jiddfereen wat déi eenzel Nofolgekästen sënn speziell wat den Ausbau vam Geméngenzentrum abelangt, déi ha jo all een Afloss op den ordinären Budget. Mer denken hei speziell an Fonktionnement van der Maison Relais, den normalen Kästen van den neien Klassensäll wat, Hëtzes, Botzen, Elektrisch, Wasser asw abelangt an nik ze vergessen déi nei Emprunts. Do derbäi muss een wassen, dat all weideren Service oder Dingstleestung o séng Auswierkungen op den ordinären Budget hatt.

Daks gëtt o obgefouert déi sougenannt „pro Kopf Verschuldung" van énger Geméng. Dëst ass wuel éng ganz beléifte Statistik, se hatt awer Nullwäert a seet absolut näischt aus iwerd'Geméngenfinanzen. Domatt kann een nik Haushalten.

Eng kloer Sprooch zu Wëntger mat der ADR.

ROSS Raymond
Tratten
72 Joer
Pensionnéiert

<< eng kloer Sprooch och an dénger Gemeng!

3.) Transparenz am Kläranlagenkonzept

Viram Joer 2005 war schonns gewosst, datt ab 2010 een kästendeckenden Waasserpräis muss verrechent ginn an dat ab dem Joer 2010 de Subsid van 90 % bei Kläranlagen géif eraf goen, **duerfer** haten mär als ADR dës Fuerderung an den **Virdergrond** gestallt fer esou, esou vill Kästen eréi nëmmen méiglich van all eisen Bierger ewee ze halen. Wat awer leider nik konnt an deem Mooss geschéihen eréi mer ons dat virgestallt haten.

Daks gouf am Geméngerot déi lest 6 Joer diskutéiert iwer eis Kläranlagen, awer een Gesamtkonzept gouf am Geméngerot seitens der aktueller Majoritéit nik op den Dësch gelaagt. Zur allgeménger Informatioun an Kloerstellung, am Joer 1999 an 2000 gouf awer éng Gesamtétude dem Geméngerot virgelaagt, déi den 7. Mee 1999 an Obtrag ginn wor.

Fer deenen neien Momenter nom Beitrëtt zur SIDEN Rechnung ze droen, hatt den ADR Vertrieter am Geméngerot zu den Budgetsdiskussiounen vam Joer 2011 gefuerdert, datt déi nei Gesamtétude soll dem Geméngerot virgestallt ginn, wat awer leider nik geschikt ass. Verwonnerlich war dann awer 5 Méint méi spéid, bei der Grondsteenleeëung van der Béiger Kläranlag, du gouf eng Broschür zur Ofwaassersanéierung an der Gemëng Wëntger virgestallt, ouni dat dës dem Geméngerot zur Informatioun an Diskussioun ënnerbreed ginn ass. Dëst gëllt o fer eenzel Studien déi d'Gemëng réaliséiert hatt: eréi den Apport en Capital bei der SIDEN van 4 160 000 €, Etuden Kläranlag bal 2 000 000 € an d'Waassernetz.

Eng kloer Sprooch zu Wëntger an Sachen Transparenz nëmmen mat der ADR.

4.) Geméngenblad:

Dës Publikatioun gëtt elo grouss an d'Fënster gestallt obschonns an der Gemëng Wëntger eng eenzigartig Publikatioun iwert Joerzingten ewell realiséiert gëtt. Et ass éng bekannten Stratégie van der CSV fer alles ze dominiéieren, dohir gouf dës Publikatioun o gemaat. Et ass eemolig am Land ewou d'Majoritéit iwert d'Oppositioun schreiwt wat se wëllt an dës kritt emol kéng Méiglichkeet hir eegen Texter viran der Publikatioun ze liesen. Am Chamberbericht an all deenen ons bekannten Geméngen kréien **all** d'Oppositiounspolitiker hir Texter virgelagt ier se publizéiert ginn. Ëmmerhin gëtt dës Zeitung van öffentlichen Gelder finanzéiert. Se ënnerleit wuel der Responsabilitéit vam Schäfferot mee o dëst schingt nik esou ze sënn, esou hatt den LSAP Schäffen am Geméngerot intervenéiert iwert eng Satzformuléierung, dohir muss een wuel anhuelen, datt dëst éng verstoppten CSV Zeitung ass.

TRIERWEILER Alain
Asselburren
36 Joer
Schlässer

Den ADR Vertrieter hat am Geméngerot afanks wuel berechtigt Interventiounen gemaat wat d'Objektivitéit betrëfft awer ouni Erfollig. Eenzel Beiträg variéieren vam offiziellen Bericht af. An et wär emol een flotten Quiz zum Geméngenblad: wéi daks hat een Oppositiounspolitiker d'Éier an dëser Publikatioun op énger Foto ofgeliicht ze sënn.

Onser Meenung no wär et an der Zäit sech Gedanken ze man fer éng eenzig öffentlich Publikatioun ze man. Et gëtt jo een offiziellen Bericht deen am Geméngenrot afgestëmmt gëtt, firwat nik deen als déi offiziell Versioun publizéieren, dëst awer an énger gekierzter Form, esou eréi dat a villen Geméngen geschikt?

Eng kloer Sprooch zu Wëntger mat der ADR.

5. Perimeter an Bautenreglement:

RENCKENS Pierre
Saassel
59 Joer
Bauer
Member van der Wëntger Bauten- a Schoulkommissioun

Am Joer 2000 gouf een Arbichtsgrupp aus verschiddenen „Bureau d'étude" agesaat fer eist Bautereglement an den Bauperimeter ze iwerschaffen. Bei all Budgetsdiskussioun hat den ADR Vertrieter drop higewisen, dat na keen Bericht virleit. Ëmmerhin hat dëst bis elo ronn 1 100 000 € kast. Am Mäerz 2011 gouf dann endlich dem Geméngerot den aktuellen Stand vam Dossier präsentéiert.

Grondsätzlich wëllen mer eis Zoustëmmung zu deem Dossier nëmmen ginn ënner folgenden Konditiounen:

- Baulandvergréisserung däerf sech nik nëmmen op éng Uertschaft konzentréieren, mee do ewou et méiglich ass sollt och neit Bauland erschloss ginn, nik nëmmen lanscht Strossen, mee Dierfer sollen d'Méiglichkeet kréien sech ze schléissen = méi Kompakt ze ginn,

- Och muss een Passus dra kommen, dat bestoend Gebäilichkeeten an éngem räsonablen Zoustand ze halen sënn,

- Begréissen dinn mer, dat op der Féitsch ons Fuerderung no énger Aktivitéitszone fer eis Betrieber lues a lues Réalitéit gëtt. Bedaueren dinn mer awer, dat dëst no der Salamitaktik vira geet,

Fer deenen all ze héichen Baulandpreisser entgéint ze wierken misst een o als Geméng an déi Richtung aktiv ginn an selwer Bauland op den Maart bréngen.

Eng kloer Sprooch zu Wëntger mat der ADR.

6.) Medizinisch Grondversuergung:

A Punkto Aptikt an eiser Geméng wëllen mer drop obmierksam man, dat dëst den eigentliche Problem am Aptiktenbereich nik léisst an zwar deen van der „Service de Garde". Wann 5 Apdikten an eisen 2 Kantoner Cliärref a Wolz, 20 Deeg Garde am Mount garantéieren, da kéimen mer mat énger 6. Aptikt bestenfalls op 24 Deeg. Da bleiwen na ronn 6 Deeg „Service de Garde" am Mount nik garantéiert. D'ADR hat als éischt Partei schonns den 31. Januar 2007 mat énger parlamentarischer Froo an der Chamber op dësen Problem obmierksam gemat. Dës Äntwert an o déi Äntwerten duerno op dës Froen van der ADR woren politisch Floskelen, woumatt een näischt kann afänken. Wat

Haag Annita
Boxer
52 Joer
Bauer
Präsidentin van der ADR Lokalsektioun Wëntger
Member van der Wëntger Dénkfabrik

fer ons méi wichtig wär, dat wär d'Obrechterhalung van der Wëlzer Klinik mat énger gewësser Garantie an Qualitéit, do derbäi éng sougenannt Maison Médicale. Awer seit dësen LSAP Gesondheetsminister um Ruder ass, ass d'medizinisch Grondversuergung an den Zäiten ausserhalb den normalen Schaffstonnen am Norden vam Land, an dorënner o eis Geméng, zréckgangen. No den normalen Schaffstonnen kritt een éischter een Véterinaire bei een Déier ewéi een Dokter bei ee Mënsch.

Wann iwer eis Aptikten keen „Service de garde" kann garantéiert ginn sollt een iwert éng Art Pharma-Bus nodénken, fer den Lékten mat ageschränkter Mobilitéit entgéint ze kommen.

Eng kloer Sprooch mat der ADR.

7.) Internes

* Elo ewou mer laut Gesetz mussen politisch mam Proporzsystem liewen, wär et onser Meenung no elo no ronn 6 Joer Erfahrung an der Zäit, dat mer ons een internt Reglement sollen ginn wat dat internt Schaffen am Geméngerot abelangt. Dëst géif vill onnëtz Diskussiounen aus der Welt schaffen z.B.

- fer d'Regelung van eenzelnen Froestellungen,

- laut Gesetz hatt den Geméngenrot nëmmen Asicht an déi eenzel Dossiers 5 Deeg viran der nächster Geméngerotssitzung, do derbäi sënn hei ëmmer een Samsdig an e Sonndig abegraff ewou een näischt kann nofroen resp. kucken, hei missten den Délai vergréissert ginn,

- d'Geméngenréit missten onser Meenung no o méi Asicht kréien an eenzel Dossiers oder Chantiers, et sënn jo ëmmerhin gewielten Vertrieter,

- dat Vereedigungen van den Schäffe- oder Geméngeréit soll a Präsenz vam ganzen Geméngenrot gemaat ginn, firwat am sougenannten „stillen Kämmerlein" et ass jo een öffentlicht Mandat,

FUNK Michel
Uewerwampich
70 Joer
Taxi-Entrepreneur

* Fer der verännerter Berufswelt an den lesten Joeren Rechnung ze droen an trotz der Aféierung vam Service: macommune.lu; sënn mer der Meenung, dat onst Geméngensekretariat eemol an der Woch onsen Bierger bis owes 20. 00 Auer misst zur Verfügung stoen oder awer Samsdes moijes, dëst fer kannen déi normal Saachen ze kréien ewéi Zertificats, Auszig asw.. Well nik all ons Bierger verfügen iwer een PC an doriwer eraus muss een na eenzel Zertifikater selwer afhuelen.

Eng kloer Sprooch zu Wëntger mat der ADR

8.) Duerefliewen:

Well ons Geméng jo aus 28 Dierfer besteet, ass et o onser Meenung no wichtig, dat eng gewassen Liewensqualitéit an eisen Dierfer erhalen bleiwt. Do wären 4 Haaptpunkten zréckzebalen an zwar:

HAAN Claudine
Saassel
24 Joer
Porteuse bei der Post

1.) eis Duerefsäll, déi mer wëllen all erhalen an awer o no finanzieller Méiglichkeet renovéieren no der Devise: dat néidigst geet vir,

2.) Am Walprogramm vam Joer 2005 haten mer geschriwen: *„Auch der Dorfverschönerung, etwa durch eine Blumenaktion auf öffentlichen Plätzen, muss sich die Gemeinde in den nächsten Jahren stärker widmen. Unsere Dorfkerne, als Mittelpunkt des dörflichen Gesellschaftslebens, gilt es darüber hinaus zu wahren und zu pflegen“.* Dëst ass elo erfreelicherweis zum Deel ëmgesaat ginn, mee fer d'Zukunft gëllt et Rechnung ze droen, datt dës o mussen erhalen ginn. Eis Geméngenservicer hann hei nëmmen begrenzten Méiglichkeeten. An dësem Kontext wëllen mer o drop hiweisen, dat vill van onsen Trottoiren missten frësch ausgefout ginn, well wat notzt ons wann mer schéin Anlagen hann awer op däer anerer Säit wisst Gras op den Trottoirs.

3.) Do derbäi sënn mer o der Meenung, dat ons Kirchen, déi schonns zig Joerhonnerten zu eisem Kulturgut gehéieren, sollen an éngem méiglichst gudden Zoustand erhalen bleiwen. Et soll, esou lang ewéi et ons finanziell méiglich ass, bei ons nik ginn ewéi an Frankräich ewou d'Kirchen an den Dierfer zu éngem ganz lamentablen Zoustand verkommen. Dëst ënner anerem Erhalten van den Kirchen gehéiert zum Clichee van eisen Dierfer.

ANDREASEN-WICKELER Joëlle
Diénjen
29 Joer
Vendeuse

4.) D'ADR setzt sech o derfir an fer éngt lokal-historischt Archiv anzeriiten. Am Schlass zu Uewerwampich kéinnt dëst sein Doheem fannen, begleed van aneren méi historischen Aktivitéiten.

Eng kloer Sprooch zu Wëntger mat der ADR

Lëst 5

www.adr.lu



Esou wielt Dir richtig:

all är 11 Stëmmen fer d'Kandidaten van der ADR

Ons Kandidaten fer eis Geméng

adr-

Lëscht 5

>> eng kloer Sprooch...

Engelen Jeff
Tratten
58 Joer
Pensionnéiert

Andreasen-Wickeler Joëlle
Diénjen
29 Joer
Verkeeferin

Funk Michel
Uewerwampich
70 Joer
Taxi Entreprise

Haag Annita
Boxer
52 Joer
Bauer

Haan Claudine
Saassel
24 Joer
Porteuse bei der Post

Pleger Claude
Aasselburren
45 Joer
Arbichter

Renckens Pierre
Saassel
59 Joer
Bauer

Ross Raymond
Tratten
72 Joer
Pensionnéiert

Schronen Patricia
Houfelt
19 Joer
Studentin

Schweigen Christiane
Deewelt
31 Joer
Steierbeamtin

Trierweiler Alain
Aasselburren
36 Joer
Schlässer

...zu Wëntger!